Interventioun vum Marie-France Bemtgen zum Budget den 2022.12.12 am Gemengerot

Ech soe Merci fir d´Wuert a fir dem Guy seng ausféierlech Stellungnam vun eiser Fraktioun. Awer och e Luew an decke Merci all deenen déi un desem Budget geschafft hunn, ganz besonnesch dem Sophie, dem Alain an dem Marc.

Ech well just e puer kleng Punkten erausgräifen a soe Merci, datt et an dësem Kader méiglech ass, e puer konkret Froen ze stellen.

Ruffbus: BERTI (441)

Do sinn ech richteg frou driwwer, dat dëst Konzept, wat mir als CSV scho laang proposéiert haten, esou e grousse Succès ass an och bei den Awunner (an dat Jonk an Al) gutt ukënnt.

Mir als CSV sti weiderhin zu dësem Projet an ënnerstëtzen 100%, datt am Budget virgesinn ass, en zousätzleche Bus anzesetzen !!! An d´Awunner wäerten dat och begréissen!

Ech hu nach eng Fro zu der Konventioun mat der VdL (Stad Lëtzebuerg) vun „ Call a Bus“:

- Ass et richteg, datt dëse Service, wann e fir Bartreng ugefrot gëtt, sech u Leit am Rollstull riicht?
- Wéi gi concernéiert Leit iwwer dëse Service informéiert?

Soziales:

Ech hunn eng kleng konkret Fro zum Posten: 3/734, deen d'Maisons de retraite et de soins betrëfft:

3/734 : Subvention P3A (Parcs du Troisième Âge): Hei geet d'participation aux frais de fonctionnement vun 200.000 (2022) erof op 100.000. Dat Joer virdrun (2021) waren et nach 300.000 Euro.

- Firwat? Wou kënnt d¨ss Differenz hir?

Maison de soins : neie Projet !

Als CSV si mir scho säit Joren derhannert, datt mir eis misste Gedanke maachen iwwer en neie Projet an e globaalt Konzept betreffend déi eeler Generatioun a méi konkret d´Geriatrie an de CPA. Dofir begréisse mir ganz besonnesch, datt mir am Laf vum dësem Joer e gutt Stéck weider komm sinn an den Aarbechtsgrupp sech et net einfach gemaach huet, fir schlussendlech eng Decisioun ze huelen, mat wiem an Zukunft soll weider iwwerluecht ginn.

Ech wëll hei nach ervirsträichen, datt mir besonnesch begréissen, datt d´Konzept vun engem Foyer de Jour direkt an der 1. Phas mat geduecht ass. Well grad de Foyer de Jour wäert virun allem de Bartrenger Leit, déi sou laang wéi méiglech doheem wëlle bleiwen, ze Gutt kommen.

Déi nei Struktur vun der Geriatrie soll eng ganz grouss ginn – 175 Better! Et ass scho richteg, datt grad Fleegebetter op nationaler Ebene gebraucht ginn (ebe grad, well d´Leit gären sou laang wéi méiglech doheem bleiwen), allerdéngs feelt eis dann awer ëmmer nach **niewent** dem Agrément vun de Logements encadrés (CPA), dem Agrément vum „neie Foyer de Jour“ an dem Agrément vun der Maison de Soins, en Agrément vum CIPA (Centre intégré pour personnes agées) (enger Struktur, wou Mënsche kënnen hikommen, déi net méi fit genuch sinn fir an de Logement encadré an net méi doheem wëllen oder kënne bleiwen, an awer nach net Fleegestonne genuch hunn fir an d'Maison de Soins). Mir kënnen haut, an och sou wéi de Projet fir de Moment ugeduecht ass, an Zukunft, als Bartrenger Gemeng an dësem Sënn eise Leit Näischt ubidden. Als CSV wënsche mir eis, datt des Iwwerleeungen mat an de Projet fir e globaalt Konzept fir eis Senioren era fléissen!!!

Logement social : Loyer

Logement d´urgence : Loyer (265)

D´Konventioun mam Stat iwwer d´Wunnengen fir bénéficiaires protection internationales ass den 30.4.2022 op en Enn gaangen. Kënnegungen sinn un déi betraffe Famillen eraus gaangen. Ech weess vun enger Famill, déi eng nei Wunneng fonnt huet a fortgeplënnert ass.

Wéi gëtt des Wunneng elo gehandhaabt? Bleift et eng Wunneng, déi mir als sozial Wunneng verlounen oder wat geschitt dermadder?

Ech hunn et schonn ëfters hei gesot, ech fannen, datt mir méi aktiv musse ginn, wat sozial a bezuelbar Wunnengen betrëfft a begréissen grad an dësem Kontext, datt den **Office social Mamer**, zu deem mir jo gehéieren, dësen Agrément soll kréien.

- Wéini soll dëst sinn?

logement à prix réduit (612)

- Am Budget stinn 2 maisons bifamiliales (Wénkel) fir 1.500.000 Euro-

Dierf ech hei froen, fir e puer Erklärungen ze kréien iwwer dëse Projet?

- Wien soll dee bauen?
- A wiem sengen Hänn läit d´Verantwortung? Behale mir als Gemeng d'Soen? Oder als Office Social? Oder gëtt et erëm un de Fonds du Logement outgesourct?
- Ass de Posten vun 1.500.000 realistesch fir 4 Wunnunitéiten?

Actions sociales : 266

- Actions sociales / Cap Vert (266) : De Projet zu Porto Novo ass begréissenswäert an hoffentlech kann dësen dann och elo endlech starten, nodeem datt länger Zäit Näischt geschitt ass – Covid bestemmt ☹
- Als Hëllef fir d'Ukraine gesi mer d'Zuel vun 20.000 € plus Vente aux enchères Niki Bettendorf : 1.323 € (2/822 p.197). Duerzou kann een dëst soen: De Marc Rauchs hat an der Finanzkommissioun gefrot, ob mir net sollten d´Aktioun fir d'Ukraine nach eng Kéier opstocken; an dunn hues du Monique gesot, datt d´Stee an der Hall Niki Bettendorf jo och un dësen Zweck gebonne war. Am Budget hunn ech gelies, (2/822), datt dës Stee eng 1300€ era bruecht huet; dat ass jo villäicht e stolze Montant fir des Stee (!). Ech sinn awer ëmsou méi enttäuscht, dass mir mat 1300€ dann d´Thema Ukrain solle clôturéieren!

Chantiers am Duerf : Planning a Coordinatioun

Duerzou e puer Bemierkungen:

- D'Eisebunnsbréck ass Gottseidank am Mäerz fäerdeg ginn. Mee knapps war si erëm op, ass se nees gespaart ginn fir déi Drainagerillen. D´Leit hate wéineg Verständnis derfir.
- D'Leidelenger Strooss war fäerdeg an e bëssche méi spéit ass nees am Ausgang rue Dicks nei opgerappt ginn, well beim 1. Reen d´Waasser an der Kéier stoung.
- D'rue de la Fontaine ass immens laang zou. E Chantier ouni Enn!
- De Chantier virun der Gemeng – vun Enn August bis „fin des travaux":
    - fir wéini sollten des Aarbechten fäerdeg sinn?
    - Do ass ganz laang Näischt geschitt, firwat? Wat genee waren hei d'Problemer?
    - Duerch dëse Chantier ass de Busarrêt an d´rue Atert verluecht ginn: dës Situatioun ass einfach nëmme liewensgeféierlech!!!! mat dem gläichzäitegen

Chantier an der Sportshal vun Atert! an der rue Atert. Déi Strooss ass net adaptéiert fir esou vill Duerchgangsverkéier a gläichzäiteg Endstatioun vun 2 Buslinnen!

- **Sportshal an Atert:**

  Fir d'SPORTSHAL erëm astand ze setzen, sti 4,2 Milliounen am Budget. Domat ass de **Worst Case:** agetraff, an et gëtt nach vill méi! (cf. Hiweis op d'Projetsversammlung hei ënnen).

Net direkt virauszegesinn war d´läscht Joer d´Präisdeierecht …

An der Projetsversammlung (September) konnt nach kee neie Chiffer genannt ginn. Et huet geheescht, dat géif nach daueren, bis dass si d´Donnéeën all zesummen hätten.

- Ech ka mir virstellen, datt de Schäfferot an der Tëschenzäit awer nei Detailer weess an och eng Iddi dervun huet, wou dat Ganzt histeiert:
- Firwat dann elo net éierlech sinn an eis elo schonn informéieren an de Posten am Budget upassen?

Am Ordinaire (3/822 p.102) stinn « **nouveaux panneaux d´affichage » am Hall sportif Atert fir 130.000€.**

Firwat steet dëse Montant am Ordinaire? Hunn des Panneauen näischt mat dem Héichwaasser ze dinn?

Ass dat elo de richtegen Zäitpunkt - wou mir dach nach laang mat dësem Chantier ënnerwee wäerte sinn?

Concours floral a Blummewiss (542)

Blummewisen an Blummen op verschidde Plazen laanscht d´Strooss – déi si schéin ze kucken, … an eis Beie freeën sech besonnesch !

Och datt interesséiert Awunner en Assortiment vu Staude kritt hunn, gehéiert zu de flotten Initiative! Dofir Bravo a MERCI.

Dann hunn ech awer och e klenge B-moll: Dee bezitt sech op d'**Blummenarrangementer uechter d´Duerf am Summer:**

Ënner Blummen am Duerf verstinn ech, datt Fuerf an d´Spill kënnt, datt et frëndlech ausgesäit, Loscht mécht fir duerch d´Duerf spadséieren ze goen, …

mir wëssen, datt et déi läscht Summeren ëmmer méi waarm an dréche ginn ass. Dofir villäicht och de Choix vun den Arrangementer: Vill Grieser a manner fuerweg Blummen.

Awer wa mir Arrangementer am Duerf ophänken, da musse mir derfir suergen, datt se ënnerhale ginn!!! Dat kascht en Invest an d´Planzen, mee duerno awer och vill Fleeg an Zäit, also Main d´oeuvre a virun allem Waasser!

Villäicht sollte mir dofir nëmme ganz bestëmmte Plazen eraus wielen (z.B Brécken , Shared Space …) an d´Deko un de Luuchtepoteauen uechtert Stroossen ewech loossen. Well et gesäit wierklech net accueillant aus, wann een duerch eng Strooss geet, wou nëmme „verwieltent Gras“ als Arrangement un de Pottoen hänkt.

Wanterstëmmung am Advent:

Ech begréissen, datt d'Beliichtung op e Minimum zréck gesat ginn ass! Ech fannen datt dëst e klengt mee wichtegt Zeechen ass!

Wantermaart:

Hei fanne mer am Budget eng Dépense vun 200.000 € versus eng Recette vun 20.000, déi dann fir e gudden Zweck gespent gëtt ?

Beim neie Chalet stelle sech dës Froen:

- Ass deen neie Chalet gelount? Wat kascht deen?
- Wat ass mat deem ale geschitt?
- Wat waren d´Argumenter fir dësen neie Chalet? Een attraktive Comptoir um Rez-de-Chaussée? Allerdéngs ass den 1. Stack net accessibel fir Leit a mobilité réduite ? Déi fest Sëtzplazen sinn och net ideal.

Baulücken:

Ech hu nach eng Fro, wat déi net bebauten Terraine betrëfft.

Fält den Entretien vun den Trottoiren, souwuel Onkraut botzen (Studentenaarbecht), wéi Schnéi ewech maachen, an d´Méinen vun enger Sträif Wiss vun 1 m breet an den Zoustännegkeetsberäich vun der ëffentlecher Hand ?

Et ass witzeg, wann de Schnéiplou iwwert de Foussgängerwee an e Lotissement fiert an da bei bebauten Terrainen d´Schëpp an d´Luucht mécht, fir se 50 m weider nees erof ze loossen, well do steet jo nach keen Haus. ☺